

# Journée „ALPHA – zesumme wuessen“ 19.11.2024

## Äntwerten zu de Froe vun de Participanten



## HUET DE PROJET „ALPHA – ZESUMME WUESSEN“ AUSWIERKUNGEN OP D'ORGANISATIOUN VUM C1?

De Projet „ALPHA – zesumme wuessen“ huet keng direkt Auswierkungen op d'Organisatioun vum C1. Et gëtt allerdéngs zwee nei Elementer, déi ze berücksichtegen sinn: d'Orientéierung vun de Schülerinnen a Schüler an d'Virbereedung op déi gewielten Alphabetiséierungssprooch am Laf vum 5. Trimester vum C1.

Fir d'Orientéierung sti souwuel Dokumenter zur Verfügung, fir de Sproochprofil vun de Schülerinnen a Schüler auszufüllen, wéi och fir d'Decisioun vun den Elteren ze aktéieren. D'Propositoun fir de Choix vun der Alphabetiséierungssprooch gëtt zesumme mat der Équipe pédagogique getraff.

Eng Formatioun zur Orientéierung gëtt schonn ugebueden an de komplette Formatiounskatalog fannt Dir verlinkt um [alpha.script.lu](http://alpha.script.lu).

D'Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet op Lëtzebuergesch gëtt weiderhin an der Klass virugedriwwen. Wann d'Schülerinnen an d'Schüler sech hei eng gutt Basis ugëeegen hunn, kënnen dës Kompetenzen och an aner Sproochen wéi an d'Däitsch oder an d'Franséisch transferéiert ginn. Zur Virbereedung op déi jeeweileg Alphabetiséierungssprooch ka souwuel d'SILA-App genotzt ginn, déi op Däitsch a Franséisch disponibel ass, wéi och d'Aktivitéiten aus der neier Sproochekëscht, déi op Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch kënnen duerchgefouert ginn.

Et besteet och d'Méiglechkeet, d'Aktivitéiten, déi op déi jeeweileg Alphabetiséierungssprooch virbereeden, während dem Appui pédagogique an/oder am klengen Grupp ze proposéieren. D'Équipe pédagogique ka sech och regelméisseg d'Schülerinnen an d'Schüler jee no Alphabetiséierungssprooch opdeelen.

Eng Journée „zesumme wuessen“ mam Fokus op de Cycle 1 ass fir den 18. November 2025 geplangt.

## HU JUST SCHÜLERINNEN A SCHÜLER, DÉI FRANSÉISCH ALS ÉISCHTSPROOCH HUNN, D'MÉIGLECHKEET, OP FRANSÉISCH ALPHABETISÉIERT ZE GINN, ODER DIERF JIDDEREE SENG KANNER ASCHREIWEN?

D'Decisioun vun der Alphabetiséierungssprooch läit bei den Elteren.

Et ass awer um Enseignant, d'Elteren ze beroden, andeems si erklären, firwat d'Équipe pédagogique d'Propositoun fir déi eng oder déi aner Alphabetiséierungssprooch mécht. Hei geet et iwwert d'Fro vun der franséischer Éischtsprooch eraus, fir eng Alphabetiséierung op Franséisch ze proposéieren. Kanner mat engem romanophonen Hannergrond si genee esou viséiert, wéi Kanner mat Franséisch als Éischtsprooch.

De Virdeel vun dëser Offer ass, dass d'Schülerinnen an d'Schüler d'Technik vum Liesen- a Schreiweléieren an enger Sprooch kënne léieren, déi hirer Éischtsprooch méi no ass. Si hunn esou méi ee liichten Zougang zu der Alphabetiséierungssprooch an deemno méi een einfache Start an dat formaalt Léieren am Cycle 2. Fir déi eng heescht dat: méi Franséisch am Ufank, also am Cycle 2, méi Däitsch duerno am Cycle 3. Fir déi aner: méi Däitsch am Ufank, méi Franséisch duerno. Ass d'Schülerin oder de Schüler op Franséisch alphabetiséiert ginn, dann hunn si am C3 méi Däitschunterrecht. Ass d'Schülerin oder de Schüler op Däitsch alphabetiséiert ginn, da bleift alles wéi bis elo, an si hu méi Unterrechtseenheeten am Franséischen. Duerch de Choix vun der Alphabetiséierungssprooch sollt et fir d'Schülerinnen an d'Schüler méi einfach sinn, eng zolidd Basis an dëser Sprooch opzebauen, déi den Apprentissage vun enger weiderer Sprooch, entweder Däitsch oder Franséisch, erliichtert. Och d'Eltere kënnen hir Kanner besser ënnerstëtzen, well si d'Alphabetiséierungssprooch an d'Sprooch an der Mathé verstinn.

**WÉI ASS ET, WANN D'ELTEREN SECH ENTSCHIEDEN, HIERT KAND OP FRANSEISCH ALPHABETISIEREN ZE LOOSSEN, OBWUEL D'KAND DOHEEM JUST LETZEBUERGESCH SCHWÄTZT?**

Et ass dem Cycle 1 seng Aufgab, d'Elteren ze beroden an hinnen ze erklären, dass, wann hiert Kand just Lëtzebuergesch schwätzt, d'franséisch Alphabetiséierung héchstwarscheinlech net de richtege Choix ass. Bei der Alphabetiséierung geet et net primär ëm d'Sproocheléieren, mee ëm d'Technik, fir Liesen a Schreiwene ze léieren. Geschitt dës an enger Sprooch, déi d'Schülerin oder de Schüler aus hirem/sengem Ëmfeld kennt, da fält hinnen d'Erléiere vun dëser Technik méi einfach.

Wann d'Schülerin oder de Schüler, déi nëmme Lëtzebuergesch schwätzen, op Franséisch alphabetiséiert ginn, dann ass dat fir si méi schwéier, esou wéi et momentan fir déi romanophon Schülerinnen a Schüler mam Däitschen ass. Dat souwuel wéinst dem sproochspezifische phonologesche System, wéi och der sproochspezifischer Orthographie an dem sproochspezifische morphologeschen Opbau.

Weider ass et méi einfach, eng weider Sprooch ze léieren, wann d'Alphabetiséierungssprooch gutt gefestegt ass an och d'Verständnis fir d'Struktur vun der Sprooch op enger zolitter Basis steet. An dësem Fall, wou doheem just Lëtzebuergesch geschwat gëtt, ass et fir d'Schülerinnen an d'Schüler méi einfach, an enger zweeter Etapp Franséisch ze léieren, well si strukturell Sproochekompetenzen an der däitscher Sprooch konnten opbauen.

De Choix vun den Elteren, fir hiert Kand op Franséisch alphabetiséieren ze loossen, wann et just Lëtzebuergesch schwätzt, ass deemno net ze recommandéieren, well et primär dorëms geet, de

Schülerinnen a Schüler ee méiglechst einfache Start an dat formaalt Léieren ze erméiglechen an net, datt si dono besser Franséisch kënnen. Am Cycle 3 hätt dëst Kand dann och méi Unterrichtsstonnen am Däitsche wéi am Franséischen. Am Cycle 4 ginn d'Schülerinnen a Schüler zesummebruecht, deemno wier fir dëst Kand de Wee dohinner warscheinlech dee méi schwierigen.

**GËTT ET FORMATIOUNE FIR ENSEIGNANTEN AUS DEM C1, FIR D'ORIENTATIOUN KËNNEN ZE LEEDEN A RICHTEG DUERZESTELLEN? WAT MAACHEN D'SCHÜLERINNEN AN D'SCHÜLER AUS INDIEN, ASIEN A SOU WEIDER, FIR DÉI DÉI FRANSEÍSCH SPROOCH GRADESOU WÄIT EWECH VUN HIRER SPROOCH ASS WÉI D'DÄITSCHT?**

Dës Formatioun gëtt scho proposéiert a bitt och Äntwerten un, wat déi gëeegentst Alphabetiséierungssprooch fir déi jeeweileg Schülerinnen a Schüler wier. An dese Formatioune ginn och d'Froen zu de weidere Sproochen diskutéiert; am Prinzip gëtt no där Sprooch gesicht, déi nieft der Familljesprooch der Schülerin oder dem Schüler am meeschte Chancë bitt, fir am System Fouss ze faassen.

Donieft sief awer net vergiess, datt et och nach déi öffentlech Europaschoulen an international Schoule gëtt, déi a verschiddene Fäll eng Alternativ duerstellen.

**WÉI ENG FORMATIOUNE GI FIR DE PRECOCE UGEBUEDEN?**

D'Intervenanten am Precoce kënnen vun där selwechter Formatiounsoffer profitéiere wéi all aner Intervenanten och. Weider Detailer an en Iwwerbléck iwwer all Formatioune, déi am Kader vum „[Parcours de formation ALPHA](#)“ ugebuede ginn, an dernieft och eng spezifesch Oplëschung fir de Cycle 1, fannt Dir op [alpha.script.lu](http://alpha.script.lu).

Eng Journée „zesumme wuessen“ mam Fokus um Cycle 1 ass fir den 18. November 2025 geplangt.

**WÉI GESINN D'EPSTAN AM C3 AUS?**

Am Cycle 3 ginn d'EpStan fir déi franséisch Gruppen ugepasst, dat heescht den Niveau ass ugepasst. D'Épreuven an der Mathé esouwéi am Liesen an am Héiereverstoe sinn op Franséisch.

**ASS ET NET ZE FRÉI, NO 2 JOER ALPHABETISÉIERUNG AN ENGER SPROOCH, SCHONN AM C3 OP ENG ANER SPROOCH MAT VILL MÉI STONNEN ZE WIESSELEN? FIRWAT ALSO NET L1 AN L2 BÄIBEHALE BIS ZUM SCHLUSS VUM C4?**

Aktuell ass am Plan d'études virgesinn, dass d'Alphabetiséierung no zwee Joer soll ofgeschloss sinn, dëst souwuel am Däitsche wéi am Franséischen. Fir déi eng heescht dat: méi Franséisch am Ufank, also am Cycle 2, méi Däitsch duerno am Cycle 3. Fir déi aner: méi Däitsch am Ufank, méi Franséisch duerno. Am Cycle 3 gëtt dann déi 2. Sprooch méi an de Vierdergrond geréckelt an huet méi Stonnen am Stonneplang wéi d'Alphabetiséierungssprooch vun de Schülerinnen a Schüler, dëst mam d'Zil, dass d'Schülerinnen an d'Schüler déi néideg Kompetenzen an deenen zwou Sproochen errechen, fir am Cycle 4 kënnen zesummegefouert ze ginn.

#### BLEIWEN D'SOCLËN AM C4 AM FRANSEÏSCHEN AN AM DÄITSCHEN WÉI BIS ELO?

Fir d'Schülerinnen an d'Schüler, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn, ännert sech näischt während de Cycles 2, 3 a 4. Fir d'Schülerinnen an d'Schüler, déi op Franséisch alphabetiséiert ginn, ginn d'Sproochen am Cycle 2 an am Cycle 3 gespigelt, d'Soclë bleiwen déi selwecht. Am Cycle 4 ginn d'Schülerinnen an d'Schüler zesummegefouert an et ginn déi selwecht Kompetenzniveauen uviséiert wéi bis elo.

#### WÉI GEET ET AM SECONDAIRE WEIDER?

D'Schülerinnen an d'Schüler ginn hire Kompetenzen no an den Enseignement secondaire orientéiert, wou et dës spezifesche Offeren an de Sproochen gëtt:

- Däitsch als Friemsprooch: „Allemand langue étrangère – ALLET“  
Dës Klasse si fir Schülerinnen a Schüler vu 7e bis 5e am Enseignement secondaire classique a général, déi ganz gutt Kenntneser am Franséischen an an der Mathematik hunn. Am Däitsche gëtt hinnen e Renforcement ugebueden, et gi méi Schoulstonnen enseignéiert.
- „FrançaisPLUS“:  
Dës Klasse si fir Schülerinnen a Schüler vu 7e bis 5e am Enseignement secondaire classique a général, déi ganz gutt Kenntneser am Däitschen an an der Mathematik hunn. Am Franséische gëtt hinnen e Renforcement ugebueden, et gi méi Schoulstonnen enseignéiert.
- „Classes francophones“:  
An dëse Klasse gëtt dee selwechte Programm op Däitsch enseignéiert wéi an de reguläre Klassen, an allen anere Fächer gëtt de Cours op Franséisch gehalen. Dës Klasse ginn offréiert am Enseignement secondaire classique (mat Däitsch als Friemsprooch oder Däitsch regulär), an am Enseignement secondaire général (7G-5G a 7P-5P).

Weider Informatiounen stinn an de Broschüre „[Que faire après le cycle 4 ?](#)“ a „[Bienvenue à l'école luxembourgeoise](#)“.

#### **FIRWAT GËTT NET ENG EVALUATIOUN VUM C4 OFGEWAART?**

Wéi d'Resultater vun den EpStan weisen an och d'Fuerscher scho säit Jore feststellen, zulescht am „[Nationaler Bildungsbericht Luxemburg 2024](#)“, ass d'Bildungsschéier am Cycle 2 an 3 schonn esou wäit auserneen, dass et eigentlech duergeet, d'Resultater vun den EpStan vum Cycle 3 ofzewaarden. Schonn zu dësem Zäitpunkt ass et méiglech ze gesinn, ob de Projet e positiven Effet op d'Resultater vun de Schülerinnen a Schüler huet oder net.

#### **WÉI MUSS EEN SECH D'ORGANISATIOUN VUN DE KLASSEN AN ZUKUNFT VIRSTELLEN?**

An den allermeeschte Schoulen zu Lëtzebuerg ginn et zwou Klassen oder méi pro Joergang. Déi zwou Klasse mat hiren zwee Enseignantë schwätzen an de Niewefächer Lëtzebuergesch. Hei sinn d'Schülerinnen an d'Schüler gemëscht, onofhängeg dovun, ob si op Däitsch oder op Franséisch Liesen a Schreibe léieren oder geléiert hunn.

D'Liesen, d'Schreiw, d'Schwätzen an d'Lauschten gradewéi d'Mathé gi vun deem engen Enseignant op Däitsch ënnerriicht a vun deem aneren Enseignant op Franséisch. D'Schülerinnen an d'Schüler ginn an deene Fächer an dee Grupp, deen hirem Sproochprofil entsprécht.

#### **FÉIERT DE PROJET ZU MÉI HÉIJE KLASSEEFFEKTIVER? WAT BEDEIT DAT FIR DE CONTINGENT AN D'KLASSESÄLL?**

De Projet féiert net automatesch zu méi héijen Effektiver. Et kann awer sinn, dass een Desequilibrium tëscht der franséischer an der däitscher Grupp besteet, zum Beispill wa bei 30 Kanner der 18 op Däitsch an 12 op Franséisch alphabetiséiert ginn. Am Projet ass ze gesinn, datt d'Verdeelung vu Joer zu Joer ënnerschiddlech ass.

De Contingent gëtt weiderhin d'selwecht gerechent.

An den allermeeschte Schoule stellt sech also kee Probleem, wat d'Organisatioun, d'Personal an d'Infrastrukturen ugeet. An de Schoulen, wou et nëmmen eng Klass pro Joergang gëtt, gëtt Fall fir Fall gekuckt, wéi ee Léisunge fënnt, esouwuel fir de Raum wéi fir zousätzlech Ressourcen.

#### **WÉI ORGANISÉIERT ENG KLENG SCHOUL DE PROJET, WOU EVENTUELL JUST 1 ODER 2 SCHÜLER AM FRANSEISCHE GRUPP ASS/SINN? WÉI ORGANISÉIERT EEN SECH, WANN AN 3 KLASSE 50 % VUN DE SCHÜLERINNEN A SCHÜLER AM FRANSEISCHE GRUPP A 50 % AM DÄITSCHER GRUPP SINN?**

Wann a kleng Schoule just een oder zwee Schüler am franséischen oder am däitsche Grupp sinn, dann dréit d'Schoulorganisatioun deem Rechnung, souwuel um Niveau vum Personal wéi vun de Raimlechkeeten.

#### **NO WÉI ENGE KRITTÄRE GËTT ENTSCHÉET, WÉI EEN ENSEIGNANT WÉI ENG GRUPP IWWERHËLT?**

All Gemeng gëtt sech e Règlement d'occupation des postes, deem d'Verdeelung vun den Aufgaben am Kader vun der Schoulorganisatioun reegelt.

An der Initialausbildung léieren d'Enseignanten, op Däitsch oder op Franséisch ze alphabetiséieren, jee nodeems a wéi engem Land se studéiert hunn. Fir all d'Enseignanten, déi sech nach wëlle weiderbilden, gëtt elo schonn de „[Parcours de formation ALPHA](#)“ ugebueden, dee fir jiddereen op ass. Dës Formatioun ass eng Offer a steet net a Relatioun zum Règlement d'occupation des postes.

#### **GI MÉI RAIMLECHKEETE GEBRAUCHT?**

An den allermeeschte Schoulen zu Lëtzebuerg gëtt et zwou Klassen oder méi pro Joergang. An den allermeeschte Schoule stellt sech also kee Problem, wat d'Organisatioun, d'Personal an d'Infrastrukturen ugeet. An de Schoulen, wou et nëmmen eng Klass pro Joergang gëtt, gëtt eng méiglech Schoulorganisatioun an Zesummenaarbecht mam Comité d'école an der Direktioun elo schonns analyséiert.

D'Implementatioun ass fir d'Rentrée 2026/2027 virgesinn, dat am zweete Joer vum Cycle 1. Fir de Cycle 2 ass et e Joer méi spéit. Deemno brauch een en eventuellen, zousätzleche Schoulraum fir de Cycle 2.1 fréistens fir d'Schouljoer 2027/2028.

#### **GI PARALLEL STONNEPLÄNG FIR GROUSS SCHOULE GEBRAUCHT?**

An den allermeeschte Schoulen zu Lëtzebuerg gëtt et zwou Klassen oder méi pro Joergang. Déi zwou Klasse lafen effektiv parallel; entweder se hunn en Haaptfach oder e sougenannten Niewefach.

An de sougenannten Niewefächer sinn d'Schülerinnen an d'Schüler gemëscht, onofhängeg dovun, ob si op Däitsch oder op Franséisch Liesen a Schreiwe léieren oder geléiert hunn. Dat bedeit awer net, datt se mussen zur selwechter Zäit déi selwecht Niewefächer hunn. Esou kann et duerchaus sinn, datt déi eng Klass bastelt, während déi aner schwamme geet.

**WÉI SOLLEN DÉI SCHÜLERINNEN A SCHÜLER, DÉI OP FRANSEÍSCH ALPHABETISÉIERT GINN AN DOHEEM FRANSEÍSCH SCHWÄTZEN, GENUCH LËTZEBUGESCH LÉIEREN, FIR AN DEN NIEWEFÄCHER MATZEKOMMEN?**

D'Schülerinnen an d'Schüler léiere wéi gewinnt Lëtzebuergesch am Cycle 1 a baue weiderhin hir Kompetenzen an dëser Sprooch op, andeems an de sougenannten Niewefächer Lëtzebuergesch geschwat gëtt. D'Schülerinnen a d'Schüler liesen a schreiwten an dëse Fächer an hirer Alphabetisierungssprooch.

**FIRWAT GOUF WÄREND DER JOURNÉE KENG FROERONN GEMAACH?**

Bei dëser Journée ass et drëms gaangen, eng éischte Kéier iwwert de Projet ze informéieren an de Participanten d'Méiglechkeet ze ginn, sech mat den Acteuren vum Pilotprojet auszetauschen, respektiv sech dat neit Material anzekucken. Fir d'Froen opzehuelen, waren d'Flipcharts geduecht, an d'Froer ginn op dësem Wee beäntwert. Vill weider wichteg Informatiounen fënnt een och um Site [alpha.script.lu](http://alpha.script.lu).

**GËTT MOMENTAN OCH UN ENGEM NEIEN DÄITSCHPROGRAMM FIR DEN DÄITSCH-ALPHABETISÉIERUNGSGRUPP GESCHAFFT?**

Jo, fir d'Schoulrentrée 2026/2027 gëtt et nei Materialien fir d'Alphabetisierung op Däitsch an op Franséisch.

Am Virfeld vun der nationaler Implementéierung wäerten och Formatiounen zu béide Materialien ugebuede ginn.

**GËTT ET NACH EE LËTZEBUGESCHCOURS?**

D'Lëtzebuergesche Sprooch ass weiderhin e Fach am Plan d'études, dat mat enger Unterrechtenheet pro Woch ab dem Cycle 2. D'Lëtzebuergesche Sprooch iwwerhëlt awer eng méi wichteg Roll: Et ass d'Integratiounssprooch an der Schoul, an dat vum Cycle 1 un, awer si gëtt och an de sougenannten Niewefächer agesat.

**FIRWAT GOUFEN NET D'ERFARUNGEN AUS DE PILOTSCHOULE MÉI AN DE MËTTELPUNKT GESTALLT WÄREND DER JOURNÉE?**

Dës Informatiounsversammlung hat d'Zil, een éischten Iwwerbléck iwwert de Projet ze bidden. Dernieft waren d'Pilotschoulen vertraueden, fir en Austausch.



Am Kader vum „[Parcours de formation ALPHA](#)“ gëtt e komplette Formatiounskatalog ugebueden, wou et méiglech ass, an d’Pilotklassen [hospitéieren](#) ze goen, donieft kann een och un engem Echange deelhuefen, wou och d’Enseignanten, déi de Projet ëmsetzen, sur place sinn an hir Erfarungen deelen, an et méiglech ass, sech mat hinnen auszetauschen. Fir all déi pädagogesch Aspekter ginn et vill an ënnerschiddlech Formatiounen, déi nach wäerten ausgebaut ginn. An all dës Formatioune kann een sech och eenzel aschreiwfen, wann een de komplette Parcours net matmaache wëll.

Um Internetsite [alpha.script.lu](#) sinn och vill Informatiounen ze fannen, esouwéi Videoen aus de Pilotklassen an Interviewe mat den Enseignanten. Hei sinn och all d’Aktualitéiten zum Projet ze fannen.